



## ERAUSFUERDERUNGE VU MUER NET WEIDER VERSCHLOFEN: MAT COURAGE ELO UGOEN!

### RIED VUM BLANCHE WEBER, PRESIDENTIN VUM MOUVEMENT ECOLOGIQUE

Mir liewen an extrem bedrückenden Zäiten. D'Biller vum onvirstellbarem mënschleche Leed an der Ukrain, vun de Leit déi och fir eis Demokratie kämpfen, sinn erschloend. Mäer si mat eisem ganze Matempfanne bei hinnen a bei de Flüchtlingen, awer och bei deenen Deeler vun der russescher Bevölkerung wou de Courage hunn, sech géint de Krich auszuschwätzen. D'Kolleginnen an d'Kollege vun eiser Partnerorganisatioun vu „Friends of the Earth“ aus Russland hunn dat gemaach a sech trotz allen domat verbonnene Gefore fir sech géint de Krich ausgeschwat. Wéi bewonnerenswäert ass dat.

Mir haten als Mouvement Ecologique virun 2 Woche mat zu der nationaler Friddensmaniff opgeruff. Gutt 4000 Leit wuaren do. Et ass wichteg, datt d'Zivilgesellschaft geschlossen ass a weltwäit d'Mënschen op d'Strooss ginn. Dat ass d'Kraaft an d'Stäerkt vun eis als Zivilgesellschaft, e klore Neen zum Krich ze soen an all eis Solidaritéit mat der ukrainescher Bevölkerung an awer och de kritesche Stëmmen aus Russland ze weisen. Hinne gëllt all eise Respekt an Unerkennung fir hiren immense Courage.

Leider gëtt et awer nach vill méi Grënn wou erschloend an erdrückend sinn. Déi fortschreitend Klimakatastrophe, wou ëmmer méi alarmierend Informatiounen kommen. Wëssenschaftler hunn och elo gesot, den Amazonas wär um Tipping Point. Wann et esou weider géing, da géif e sech zur enger Wüüst ëmwandelen. An den Amazonas steet symbolträchtig fir de ganzen Ökosystem.

*D'Welt an där mäer liewen mécht et engem net einfach positiv ze bleiwen, Hoffnung ze schöpfen a sech ze engagieren.*

*Iwwert allem steet natierlech d'Fro: si mäer als Mënschheet fäeg aus der Situatioun ze léieren? Ëmzegestalten? Verantwortung ze iwwerhuelen? D'Decisionen ze huele fir d'Zukunft?*

Wat d'Ekologie betrëfft, esou gesäit et net gutt aus. Scho viru 50 Joer huet de Club of Rome mat „Die Grenzen des Wachstums“ viru bal där Situatioun gewarnt, an där mäer haut stinn. Net mat allem haten si Recht, ma di fundamental Froe wuare richtig. Wat ass geschitt? Ma grad an deene 50 Joer si mäer mat vollem Karacho weider an déi falsch Richtung gefuer, trotz Rio an enger Hellewull vu weidere Konferenzen a villem méi.

Jo, positiv ass, datt d'Bewosstsinn an där Zäit zougeholl huet an d'Ekologi, de Klima Theme sinn, laanscht déi kee méi kennt. Trotzdeem ginn d'Klima an d'Biodiversitéitskatastroph ongehemmt weider. De Modell, de System an deem mäer liewen, ass einfach net zukunftsfäeg.

## Firwat da grad elo an dëser Zäit Hoffnung schöpfen? Firwat grad elo aktiv bleiwen?

*Well et eis verdamnten Responsabilitéit ass. Et wär irresponsabel a feig elo d'Knëppele bei d'Tromm ze geheien an der nächster Generatioun de Match ze iwwerloossen.*

*Well et jo och vill hoffnungsvoll Momenter gëtt.*

D'Zivilgesellschaft weltwäit wuar nach ni esou staark. Mir kréien et jo am Mouvement mat, wat sech do alles deet. Wéini wuar en Austausch tëscht FoE Leit aus der Ukrain an aus Russland. ONGen wéi OXFAM maachen eng fantastesch Aarbecht a mëttlerweil weess och dank hinne bal jiddereen, wéi onverschimmt ongerecht de Räichtum weltwäit verdeelt ass! Déi 10 räichste Milliardäre sinn an der COVID-Kris nach méi räich ginn während Milliounen Leit méi aarm goufen.

D'Zivilgesellschaft mobiliséiert méi wéi jee. Sief et déi „grouss Veräiner », sief et di Villfalt vu „klängen“ Initiativen un der Basis, wéi Repair Café wou entsinn. Oder sief et Beweegunge wéi déi solidaresch Landwirtschaft.



Ma déi positiv Analyse gëllt och fir d'Wëssenschaft. Endlech melle sech weltwäit ëmmer méi Wëssenschaftler zu Wuert a fuerderen e kloere Systemwiesel an. Net nëmmen eenzel Moosnamen, ma e Systemwiesel. D'Wëssenschaftler vum Club of Rome wuaren deemools déi rar Ausnam op deem Bord, haut ännert sech dat ganz wesentlech. An d'Verännerung déi mir als Gesellschaft brauchen, brauch d'Stëmm vun der Wëssenschaft. An se fënnt och ëmmer méi Geheier.



An et deet sech och eppes aneres. Ëmmer méi Wirtschaftskreessererkennen, datt et esou net weider goe kann. Si spiere mëttlerweil och d'Auswierkunge virun allem vun der Klima- a Ressourcreekris. Rohstoffe gi mi rar, Liwwerketten si fragil an a Gefor ... Datt kee Wee méi laanscht d'Erausklammen aus de fossilen Energië feiert, ass e Konsens. Datt eise verschwendereschen Ëmgang mat de Ressource net weider goe kann, gëtt net méi kontestéiert.

Jo, de Mouvement Ecologique begréisst ausdrécklech, datt sech auslännesch, ma och elo Lëtzebuerger

Vertrieder vun der Wirtschaft fir d'Bäibehale vun der CO2-Steier ausschwätzen. An datt d'Klimaziler net méi hannerfrot ginn. Dat ass e fundamentale Wiessel!

*An, esou schrecklech et kléngt: eng Krisensituatioun wéi déi aktuell kann eng Chance si fir déi néideg Transitioun no fir ze bréngen. Kann. Ech soe ganz kloer kann. De Choix läit bei eis.*

Well et kann net sinn, fir just dat Beispill ze huelen, datt elo erëm no Atomkraaft gejaut gëtt. Déi Technologie bleift ze geféierlech, ass ze deier. De Bau géing Joren daueren, Zäit wou mäer net hunn. Déi Gelder sinn dann direkt viles besser an d'Energiespueren an d'erneierbar Energien investéiert. Atomkraaft huet näischt an der soug. EU-Taxonomie verluer. Si kann an däerf net als „nohaltig“ Finanzinvestitioun gëllen a mäer begrëissen ausdrécklech, wa Lëtzebuerg mat anere Länner Klo géint dës Decisioun vun der EU-Kommissioun areecht.

**Et däerfe lo net erëm falsch Léisungen an de Fokus geréckelt ginn. Mäer däerfen eis net erëm verrennen. Mir kennen a mussen elo d'Energie-transitioun, awer och de Changement an der Landwirtschaftspolitik a vum ekonomesche System hikréien.** Mäer ginn herno an zwou Motiounen méi genau drop an, duerfir maachen ech dat elo manner a menger Ried. Loosst mech just dëst soen: **Wa mäer haut sti wou mäer stinn, dann ass et, well viles Bekanntes während Jore verschleëft gouf! Zenter zeg Jore leien d'Instrumenter um Dësch:** vum Energie-spuiere bis zum Ausbau vun den erneierbaren Energie. Loosst eis net weider verschlofen, ma urappen! An all Kreativitéit zesammenhuelen an et och net op eng reng technologesch Diskussioun reduzéieren.



D'europäesch Energieagence schléit en autofräie Sonde fir. Doduerch gëtt duerchaus Energie agespuert. Ma an där Iddi stécht zousätzlech Symbolkraaft. Se steet och fir en **anere Liewensmodell**, fir dee mäer eis schonn esou laang als Mouvement Ecologique asetzen. **Mat aller Kreativitéit muss elo esou e Bündel vun och esou Moosnamen erstallt ginn.**

**Gewosst ass awer eppes: dat alles ka just klappen, wann d'Politik erëm Gestaltungsfäegkeet weist. Wa net weider den Alldagspragmatismus dominéiert.**

An do gëtt et natierlech jett Hemmschwellen ze iwwerwannen:

- **Et däerf net weider gemaach ginn, wéi wann et iergend wéi awer géing, wéi wa mäer um gudden Wee wäeren.** Dat hate mäer genuch an dëser Legislaturperiod. Während de Premier eis gären och am Ausland als ekologescht Musterland duerstellt, erreicht Lëtzebuerg als zweet Land weltwäit den Overshoot Day no dem Qatar. De Slogan vun den Träger vun dem Overshoot Day ass: Move the day! Dat muss och eis Devise als Lëtzebuerg ginn. Move the day! Awer net no fir, wéi vun 2020 op 2021, ma no hannen.

- **Ma virun allem: mäer däerfen eis net weider laanscht déi wierklech wichteg Froen drécken: KEE WEE féiert laanscht d'Debatt vum Wuessenszwang zu Lëtzebuerg!** Dëser Deeg huet de Carlo Thelen, de Generaldirekter vun der Chambre de Commerce, an engem Bäitrag zum 50te Gebuertsdag vum Bericht vum Club of Rome fir d'circular economy playdéiert. Dobäi huet e folgenden Zwëschentitel gebraucht: „*La circularité pour rendre le monde fini quasi infini*“. De Saz sollt wuel positiv Stëmmung maachen an d'Bild vun der Kreeslafwirtschaft poetesch ëmschreiwen. An et ass positiv, datt en Direkter vun der Chambre de Commerce zum Club of Rome e Bäitrag geschriwwen huet. Ma awer stécht hannert esou enger Ausso eng Virstellung, wéi wann d'circular economy d'solution miracle wier, fir eisen Hunger no ëmmer méi ze stellen. Dat wär en Trugschluss.

Als Mouvement wäerte mir eis natierlech fir d'Kreeslafwirtschaft staark maache ma eis och weider mat aller Konsequenz, fir de wierklech wichtige grondsätzleche Wiessel asetzen: Mir müssen elo alles maache fir méi onofhängeg vun der Wuess-

temslogik ze ginn. Wëll déi feiert onweigerlech an d'Sakgaass. Mir verlaange vun der Politik nach elo eng ausféierlech Analyse, wéi de Sozialsystem kann onofhängeg vum Wuesstem finanzéiert ginn. Mäer wäerte selwer fir den Drock ze erhéigen, am Laf vum Joer mat engem däitschen Institut éischt Handlungspisten an deem Beräich op den Dësch leeën.

- **Mir brauchen endlech eng nohaltege Steuerreform.** A wéi enger Welt liewe mäer, wa Ressource verbrauchen, Ëmwelt belaaschte quasi gratis ass, de Facteur Aarbecht awer méi besteiert gëtt? Wat eng franchement onmoralesch Situatioun! Wou liewe mäer, wa Kapital quasi net besteiert gëtt? Den ablackleche Steiersystem steet am Géigesaz zu all eisen Iwwerzeugungen, Wäerter an och den theoretischen Zieler vun enger Regierung. Mäer wäerten net midd ginn, dës Reform anzekloen! Ouni si, wäerte mäer de Wiessel net hikréien. Mir wäerten alles maache fir d'Fro vun der Reform vum Steiersystem zu engem Walkampftema ze maachen!

- **Et ass awer och direkt anachronistes, datt de Staat selwer Milliounen ausgëtt fir d'Klima an d'Biodiversitéitskratastrophe ze befeieren.** D'Steiergelder vun eis all ginn ausginn, fir eis Liewensgrundlagen ze zerstéieren. Eng absurd Situatioun, déi duerchaus bekannt ass. Duerfir wollt d'Regierung de Staatshaushalt ënnert deem Bléckwénkel ënnert d'Lupp huelen. Do revoltéiert sech bei mäer alles, datt dat erëm net geschitt ass, obwuel di Analyse zënter méi wéi 10 Joer versprach gëtt. Wat verhënnert d'Politik aktiv ze ginn? D'Landwirtschaftspolitik ass leider en trauregt gutt Beispill fir des Situatioun ze illustréieren. ¾ vun den Aarte – besonnesch an der Offenlandschaft - si vum Ausstierwe bedroht, do huet di ablacklech Landwirtschaftspolitik e groussen Undeel drun. Mir hunn e Problem vu Belaaschtung vum eisem Waasser, och hei steet leider di ablacklech Landwirtschaftspolitik mat responsabel. A wat mécht Lëtzebuerg? E Strategieplang fir d'Landwirtschaftspolitik fir di nächst 5 Joer, ausgestatt mat 570 Milliounen Euro, déi e „weiter wie bisher“ duerstellen. 570 Milliounen wou e vill ze groussen Deel genotzt gëtt, fir eis Liewensgrundlage weider ze zerstéieren.



- **Mir brauchen awer och responsabel Politiker.** An déi folgend Beispiller hunn ech elo ganz bewusst erausgesicht: de Gesondheetsministère mécht reegelméisseg Analyse vun der Pestizidbelaaschtung vun de Liewesmëttel an de Geschäfte. Déi läscht Analysen si besuergneserreegend: just zu Lëtzebuerg produzéiert Bio-Liewesmëttel si pestizidfräi, generell sinn eng Partie Liewesmëttel zum Deel ganz héich belaauscht. An déi analyséiert Liewesmëttel ginn da wuel och sécher giess. Well bis d'Resultater vun den Analysen do sinn, ass d'Uebst an d'Geméis sécher scho verkaaft ... a giess. A wat mécht d'Madame Lenert? Ech soe bewusst de Numm vun der Ministesch, well wann ech géing soen d'Vebraucherministesch, da wéissten der wuel vill net wee gemengt ass. Näischt.

Loosst mech en anert Beispill huelen: d'ëffentlech Kantinnen. Ech kann et net méi héieren, dass ëmmer vu regionaler a biologescher Liewesmëttelproduktioun geschwat gëtt, ma den Educationministère emol net de Courage huet, fir Restopolis, déi Struktur déi d'Lycée beliwert, virzeschreiwen, dass si primär regional a Bioliewesmëttel mussen benotzen. A wuel verstanen, Restopolis ass net iergend eng Firma vu wäit ewech. Restopolis ass eng Struktur vum Staat!

***D'Transitioun huet just dann eng Chance, wann all Politiker um Strang mat zeien. D'Zäite wou mam Fanger op den Ëmweltministère verwise gouf, mussen eriwuer sinn! D'Transitioun ass eng Responsabilitéit vun eis all!***

- **A mir mussen fortomme vum Kuerzfristegen!** Et gëtt ëmmer gesot, wann d'Politik dat géif maachen, da géif se bei de Walen ofgestrooft. Ech gleewen dat net an deem Ausmooss. Wie e Bild stécht derhannert? Datt d'Leit net verstinn, dass et en Ënnerschied gëtt tëscht deem wat kuerz- a laangfristeg néideg ass? Datt de Gros vun de Leit net empfänglech wär fir d'Interessie vun de kommende Generatiounen? Dat ass sécher falsch! An zeguer wann et eng Kéier richteg gewiescht wär, hätt net COVID an d'Krisen eppes dru geännert, well Problemer ëmmer méi ersichtlech goufen?! Egal wéi: d'Politiker gi grad gewielt fir d'Zukunft ze gestalten. Et gëtt keng Excuse fir dat net ze maachen. Lëtzebuerg huet emol nach ëmmer net de Nohaltegkeetscheck fir Regierungsdecisiounen, deen zënter Legislaturperiode versprach gouf. Dee muss elo kommen!

***A jo, bei den Diskussiounen wéi déi Transitioun soll ausgesinn, wäert net all néideg Moosnam direkt Zousproch fannen. Mir brauchen endlech déi villbeschwuere aner Diskussiounskultur an Offenheet.***

D'Basis ass eng uerdentlech Informatioun. Datt dës Regierung emol net reagiert, wann sech x-Organisationen ënnert der Fiederféierung vum Journalisteverband fir e besseren Droit à l'information asetzen ass beschämend. Mäer fuerderen et méi huard wéi jee: We well, dass Leit matdenken, matplangen, matdiskutieren, mëndeg Bierger sinn, deen däerf hinnen net zeguer weider den Zougang zu Informatiounen verwieren, wéi dat zu Lëtzebuerg de Fall ass. Mäer brauchen endlech e Gesetz iwwert de fräien Zougang zu Informatiounen deen de Numm wäert ass. De Premier hat eng iwwerfällig Reform vum schlechte Gesetz vun elo versprach, wou bleift se?



Loosst mech nach e Wuert zur Verantwortung vum Eenzele soen. Ech hu wéini e Kollege aus der Schoulzäit begéint dee mer sot: „Dir kritt de Leit dat wat se elo hunn, net méi ewechgeholl“. Esou en Austausch bréngt een ëmmer virun. Ma ech duecht mäer: „Vu wat ewechhuele schwätzt hien?“ **Well mir sti mat déifstem Häerze fir „Gewënn“, e Gewënn u Liewesqualität, Solidaritéit a Mateneen.** Mir stinn derfir an, dass d'Kanner net länger hier Spillméiglechkeeten dobausse virun der Hausdier ewech geholl kréien, ma d'Strooss, den ëffentleche Raum wéi ee seet, erëm méi hinnen an de Leit gehéiert, déi sech wëlle begéinen, do trëppele goen asw.. Mir triede derfir an, dass d'Biodiversitéit erhale bleift, dat eis eenzel Aarten, déi Schéinheet a Villfalt erhale bléift! Mir trieden fir proppert a genuch Waasser an! Jo, a mir triede virun alem och fir weltwäit Solidaritéit an, fir net méi duerch eise Liewensstil deene Leit aus dem Süde wierklech „vill ewech ze huelen“. Mir triede fir Gréngs an den Uertschaften an, esou dass et Spaass mécht dobaussen ze sinn, esou dass d'Temperaturen am Summer trotzdeem agreabel bleiwen. Jo, a mäer stinn och derfir an fir aus dem Hamsterad erauszeklammern, eis dee Stress vum ëmmer méi ewech ze huele fir duerch méi Mateneen a Solidaritéit ze ersetzen.



*A soufern: déi Zukunft fir déi mir astinn setzt Verännerunge viraus. A jo, sécher och därer, wou net nëmme vun alle mat offenen Ärem opgeholl ginn. A sécher och därer, wou eis eppes ofverlaangen. Ma kee Wee féiert laanscht d'Transitioun, se muss kommen. Et läit un eis se esou ze gestalten, datt se virun allem mat Positivem verbonnen ass. Wat mäer méi Zäit weider verschlofen, wat se méi problematesch wäert ginn. Loosst eis net ze spéit urappen.*

Zum Schluss nach ee Punkt, deen eis immens um Häerz läit. **Bei der Transitioun mussen all Leit matgeholl ginn.** Am meeschte kascht eng CO2-Steier d'Leit mat méi Geld, wëll si méi verbrauchen. Ma se deet de Leit mat manner Geld am meeschte wéi, well si e méi groussen Deel vun hirem méi klenge Akommes mussen dra stiechen. Duerfir ass et richteg, datt eng CO2-Steier erhale bleift. Nëmme wann den Ëmweltverbrauch berechent gëtt, kennt en Ëmdenken! Et ass awer grad esou richteg, datt déi Leit mat manner Geld sollen ënner d'Ärem gegruff kréien. An do geet alles wat an der Vergaangenheet geschwat ginn ass net duer. Mir si bereet 8.000.- Euro Subsid fir en Elektroauto ze ginn. Dat ass gutt. Ma 1/3 vun de Leit aus dem ënneschte Quintile kënnen sech emol keen Auto leeschten. Firwat lee mäer net grad esou vill an zeguer méi Geld op den Dësch, fir dese Leit bei der Transitioun ze hëllefen?

*Et mussen eng Panoplie vun Instrumenter entwéckelt a ganz séier a vill méi konsequent wéi an der Vergaangenheet ëmgesat ginn, fir grad déi Leit an der Transitioun matzehuelen. An d'CO2-Steier*

*muss vill mi konsequent bei de Leit mat manner Akommes kompenséiert ginn.*



2023 si Waljoeren (ass Waljoer), National- a Gemengewale stinn un. Mäer wäerten als Méco alles maachen, fir der Politik e kloere Message ze ginn: mir wëlle keng Politik méi vun der Onentschlossenheet, mat dem Hadere virun néidege Léisungen déi eis Zukunft besser an iwwerhaupt méiglech maachen.

*Mir wëllen en Zesummeschloss – eng nei Koalitioun vun de Leit wou mat un engem Auswee aus dëser existenzieller Kris schaffen, dës Welt an dëst Land wierklech zukunfts-fäeg gestalte wëllen. Eng Politik, eng Zivilgesellschaft an Acteuren, déi andäsen immens schwéieren Zäiten astinn fir eng responsabel Zukunftsgestaltung mat Phantasie, Kreativitéit an Entschlossenheet, am Interessi vun eis elo, an awer och vun de kommende Generatiounen an alle Liewewiesen op dëser Welt.*

*Duerfir steet de Mouvement Ecologique.*

